OPERETT

# D'Joffer Marie-Madeleine, frësch verléift

**Freideg, de 24. Abrëll 2026**

Zu **MUTFERT**
am Kulturzentrum

CONTERN
Les Villageois

Reservéiert Är Plazen
mat dësem QR-Code:

**Ufank:** 20.00 Auer
Um **18.30 Auer** ginn d'Dieren op

**Präis:** 26.50 €

Org.: Organisatiounscomité 200 Joer
Chorale Les Villageois Contern

# D'JOFFER MARIE-MADELEINE, FRËSCH VERLÉIFT

Dëst Koméidisstéck, an deem sech bekannte Melodie vun e.a. Beicht, Benatzky, Dicks, Lehar, Offenbach, Stolz a Strauss begéinen, ass eng Opféierung am Kader vum **200-järegen Anniversaire vum Conter Gesangveräin** mat der Lëtzebuerger Militärmusek.

**Loosst iech entféieren an d'Dramwelt vun der Operett a verbréngt en onvergiess-lechen Owend** mat Melodien aus e.a. dem Vogelhändler, Carmen, der Mumm Séis an der Lustigen Witwe. Daucht an an d'Geschicht vum Marie-Madeleine, begleet hatt op der Sich no sengem Gléck a freet iech op en onerwaartent Happy-end.

D'Lëtzebuerger Militärmusek spillt ënnert der Direktioun vun hirem Chef adjoint, dem Jean Thill, deen, niewent dem Georges Sadeler, och fir d'Arrangementer an d'Orchestratioun zeechent.

D'Konzept an d'Inzenéierung goufe vum Nadine Ewerling ausgeschafft.

| **Solisten (an alphabeetescher Reiefolleg)** | **Personnagen** |
|---|---|
| Fernand Delosch | Monsieur Sigi |
| Diane Juchem | Madame la Grande-Duchesse |
| Al Ginter | Monsieur Danilo |
| Véronique Kinnen | Joffer Marie-Madeleine |
| Luc Nilles | Monsieur le Baron |
| Jean Thill | Zeremoniemeeschter |

*D'Véronique Kinnen, an der Roll vun der Joffer Marie-Madeleine, steet, mat der Ënnerstëtzung vum treie Bedéngschte Sigi, gespillt a gesonge vum Fernand Delosch, am Déngscht vun der Madamm La Grande-Duchesse, interpretéiert vum Diane Juchem. Bei der Madame La Grande-Duchesse op Besuch sinn hire laangjärege Bekannten, en onduerchsiichtege Baron, interpretéiert vum Luc Nilles an dee schmocke Fraleitsgeck Danilo, gespillt a gesonge vum Al Ginter.*

**Plott**

D'Madame la Grande-Duchesse invitéiert op eng Soirée zu Éiere vum Conter Gesangveräin. Invitéë sinn, niewent dem Publikum, de Monsieur Danilo an de Monsieur le Baron. D'Madame la Grande-Duchesse an de Monsieur le Baron kenne sech vu fréier; si haten eng Relatioun, un déi d'Grande-Duchesse awer net méi esou gären erënnert gëtt, den Danilo ass als éiwege Frënd vum Haus invitéiert.

D'Joffer Marie-Madeleine war am Déngscht zu Paräis a scheekert gäre mat de Männer, mee et ass him keen attraktiv a gutt genuch.

D'Madame la Grande-Duchesse wëllt, ënnert strenger Regie, alles am Grëff hunn.

De Sigi an den Danilo probéieren alle béid hiert Gléck bei der Joffer Marie-Madeleine; de Sigi, well hien esou richteg verkuckt a si ass; den Danilo, well hien der Meenung ass, datt souwisou all d'Fraen him zu Fouss léichen.

Den Zeremoniemeeschter huet d'Responsabilitéit vun der Soirée a gëtt zum Schluss onerwaart belount.





## PARTNER:

dynamesch engagéiert fir Iech
Gemeng Conter

Ministère de la Culture

PIUS VERBAND
UNION SAINT PIE X

## SPONSOREN:

cargolux
you name it, we fly it!

LOTERIE NATIONALE